

**7. 6586 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant****1. transposition de la directive 2004/113/CE du Conseil du 13 décembre 2004 mettant en œuvre le principe de l'égalité de traitement entre les femmes et les hommes dans l'accès à des biens et services et la fourniture de biens et services;****2. modification du Code pénal;****3. modification de la loi modifiée du 27 juillet 1997 sur le contrat d'assurance****Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports**

► **M. Marc Angel** (LSAP), *rapporteur*.- Jo, Merci, Här President, fir d'Wuert. Madame Minister, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kollegen, wéi de President et gesot huet, handelt et sech hei ëm eng Proposition de loi mat der Nummer 6586, déi eng Modifikatioun vun engem modifiéierte Gesetz vum 21. Dezember 2007 betrëfft. An deem Gesetz 2007 hate mer, wéi gesot, déi Direktiv 2004/113 iwwert d'Égalité de traitement tëschent Fraen a Manner deemools hei ëmgesat.

Den Auteur vun dëser Proposition de loi ass den Deputéierte Fernand Kartheiser. Hien huet dës Proposition de loi den 2. Juli 2013 hei déposiert. An de Statsrot huet knapp ee Joer duerno, den 3. Juni 2014, säin Avis ofginn.

Mir haten eng Réunion vun der Kommissioun vun der Santé, der Égalité des chances an dem Sport, déi sech mat dem Thema Égalitéit ofgëtt, de 24. Juni, wou den Auteur Fernand Kartheiser och konnt seng Proposition de loi virdroen a wou mer en éischten Tour de discussion haten, wou ech och Rapporteur genannt gi sinn a wou ech du gesot hunn, dass ech a menger Fonctioun als Rapporteur och e Brëf géif schreiwen un de Presserot, fir deen och nach eng Kéier ëm Avis ze froen. Mir hunn dunn, wéi gesot, eng Äntwert vum Presserot e puer Méint méi spéit kritt, den 22. Oktober 2014.

Op Ufro vun der ADR hate mer dunn nach eng Commission jointe den 10. November mat der Commission des Médias, des Communications et de l'Espace, wou dann och de Conseil de Presse mat enger Delegation vertruede war, fir en Échange mat de Vertriederinnen a Vertrieder vun deem Presserot ze hunn.

Den Objet vun der Proposition de loi ass et, fir d'Ännerung ze annulléieren, déi duerch d'Gesetz vum 19. Juni 2012 um Gesetz vum 21. Dezember 2007 gemaach gouf. Erlaabt mer, lech e bëssen de Kontext ze erklären.

D'Gesetz vum 21. Dezember 2007 setzt also déi Direktiv vun 2004 ëm iwwert d'Égalité de traitement tëschent Fraen a Männer, beim Accès an der Fourniture vu Biens a vu Services. Aus där Direktiv waren 2004, deemools, ausgeklammert d'Beräicher vun de Medien, der Publicitéit an der Éducation.

D'Éducation gëtt iwwer eng aner Direktiv geregelt. A bei de Medien a bei der Publicitéit gongt et deemools, am Joer 2004, ëm d'Diskussioun, ob dat kéint en Agrëff an d'Pressefräiheet bedeuten.

An enger éischter Phas, wéi mer déi Direktiv also transposéiert hunn am Joer 2007, mam Gesetz vum 21. Dezember 2007, huet Lëtzebuerg sech ganz strikt un den Text vun der Direktiv gehalen an och d'Medien, d'Publicitéit an d'Éducation ausgeklammert. Wat deemools awer schonn eng enorm Kritik vum Statsrot provoziert huet, zu där ech herno nach kommen, an och déi deemoleg Chambre des Employés privés an de Conseil national des Femmes haten déiselwecht Bedenke wéi de Statsrot.

**(Coups de cloche de la présidence)**

De Grond fir déi Bedenke waren deemools scho ganz kloer, well et net ze vertriecht war, laut deene Berichter, deenen Avisen, dass net all Zorte vun Diskriminatioun op deem nämlechen Niveau behandelt goufen. Et gongt deemools an deem Kontext och scho rieds vun enger Hiérarchisation des égalités.

Am Joer 2010 huet dunn déi deemoleg Chancëgläichheetsministesch Françoise Hettogaasch, am Numm vun där deemoleger Regierung, an esou wéi dat och an deem deemolege Regierungsprogramm stoung a virgesi war, en neie Projet de loi abruucht, wou, mengen ech, de Kolleg Eicher Rapporteur war,

wann ech mech net iren, an deem dann de Champs d'application vum Gesetz vum 2007 erweidert sollt ginn, fir dass d'Ausnahme fir d'Medien an d'Publicitéit, déi deemools gemaach gi waren, sollten erëm erausgeholl ginn.

D'Zil war et, fir déi verschidde Gesetzter, bei deenen et ëm de Schutz vun Diskriminatiounen geet, op een Niveau ze bréngen. Esou wéi beim Schutz virun Diskriminatiounen aus anere Grënn, zum Beispill der Hautfaarf, der Rass, der Relioun, der sexueller Orientéierung an esou weider, sollten och bei der Diskriminatioun opgrond vum Geschlecht déiselwecht Regele fir all Beräicher gëllen, also och fir d'Medien a fir d'Publicitéit.

Den entsprechende Projet de loi 6127 ass mat 55 Jo-Stëmme ugeholl ginn a gouf also d'Gesetz vum 19. Juni 2012. D'Proposition de loi, iwwert déi mer elo hei diskutéieren a wäerten ofstëmme, soll also dës Ännerung nees réckgängeg maachen.

Erlaabt mer op den Avis vum Statsrot zréckzekommen, eng technesch Saach. De Statsrot huet op e Feeler am Intitulé higewisen. D'Kommissioun huet och där Recommandatioun vum Statsrot Rechnung gedroen an den Intitulé vun der Proposition de loi ass elo d'Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 21 décembre 2007 (...). Am Intitulé ass also keng Referenz méi op d'Modifikatioun vum 19. Juni 2012.

Dat zu deem techneschen Aspekt. Wann een awer elo op de Fong geet, wat de Statsrot gesot huet, de Statsrot huet a sengem Avis zu der Proposition de loi natierlech op seng fréier Avice vun 2007 a vun 2012 an och op déiselwecht Argumenter verwisen.

Beim urspréngleche Gesetz, wou jo genee wéi an der Direktiv d'Medien an d'Publicitéit ausgeklammert goufen, huet de Conseil d'État deemools déi „minimalistesche a restriktiv“ Approche vum Législateur schaarf kritiséiert. Dës Virgehensweis géif eng Hierarchisatioun tëschent de verschiddenen Diskriminatiounsmotiver aféieren an dem Schutz vun der Égalité de traitement tëschent Fraen a Männer eng mannewäerteg Plaz zouerkerne par rapport zu aneren Diskriminatiounsgrënn, zum Beispill dem Schutz géint d'Diskriminatioun weinst Behënnerung, der Rass, der Hautfaarf, wou, wéi scho gesot, d'Medien an d'Publicitéit mat abegraff sinn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, léif Madame Minister, de Conseil de Presse huet ëmmer nees a sengen Avisen an och a senger Positiounspabeieren an och an där Entrevue, déi mer mam Conseil de Presse haten, argumentéiert, dass e Journalist oder en Éditeur kéint risquéieren, sech ze autozensuréieren beim Reportage iwwer Faiten, déi diskriminatoresch kéinte sinn oder interpretéiert ginn.

Op där anerer Säit betount awer de Presserot, dass se ouni Reserv och de Principe vun der Égalité de traitement tëschent Fraen e Männer unerkennen an dass dee jo souwéiso an hirem eegene Code de déontologie festgeschriwwen ass. Si schreiwe souguer, dass si „des dispositions contraignantes claires et nettes“ an deem Code de déontologie drastoen hunn.

Nom Avis vum Presserot an och no där Entrevue mam Presserot huet d'Chamberskommissioun vun der Égalité des chances du festgestallt, dass am Fong keng nei, iwwerzeegend Argumenter um Dësch louchen. An de 6. Januar hu mer du mäi Rapport ugeholl, an an deem Rapport recommandéiert d'Kommissioun, dës Proposition de loi also net ze stëmmen, also der Recommandatioun vum Statsrot nozegoen.

Ech wollt nach e puer zousätzlech Erklärungen ginn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Et gouf dacks monéiert, Lëtzebuerg wär dat eenzeg Land, dat op de Wee gaange wär, fir de Champ d'application vun där Direktiv op d'Medien an op d'Publicitéit auszeweiden.

Dozou ass fir d'Éischt emol ze soen, dass dat am Fong kee gutt Argument gewiescht wär. Lëtzebuerg muss jo net ëmmer Nachzügler sinn. Et kéint jo och emol eng Kéier ee vun den Éischte sinn, vun de Virreider sinn, wann et ëm eng gerecht Cause geet.

Mä et ass net esou. Mir sinn hei an deem Fall net déi Eenzeg, well Lëtzebuerg steet bei Wäitem net eleng do mat dëser Reglementatioun. An engem Experterapport, deen ech och zitéieren, wou Der och d'Sourcë fannt a mengem schréffleche Rapport, iwwert d'Transpositioun vun där Direktiv vun 2004, steet ze liesen, dass d'Legislatioun a Saache Gender Discrimination - de Rapport ass op Englesch - vill méi wäit geet wéi de Minimum, deen an der EU-Direktiv virgesinn ass, an dass, wéi et op Englesch an deem Rapport steet, „in a significant number of states“ (veuillez lire: „in a significant proportion of states“) d'Legislatioun iwwert d'Geschlechterdiskriminatioun géif déiselwecht Beräicher aschléisse wéi déi sougenannten „race“-Direktiv.

Andeems mer dës Proposition de loi net stëmmen, mengen ech, bekunde mer och e ganz kloren Neen zur Hierarchisatioun tëschent de verschiddene Motifs de discrimination.

Fir et am Kloertext nach eng Kéier ze soen: Fir jiddwereen, och fir d'Medien, schénge et also absolutt kloer a selbstverständlech ze sinn, dass d'Medie sech mussen un d'Diskriminatiounsverbuet a Saachen Hautfaarf oder sexueller Orientéierung, Rass, Relioun oder Behënnerung halen, an do gesäit scheinbar keen d'Pressefräiheet a Gefor. Mä bei der Diskriminatioun weinst dem Geschlecht ass dat anescht. A mir wëlle jo net, dass dës Diskussioun, déi op d'Geschlecht baséiert, haut an hei zu Lëtzebuerg nach akzeptéiert kéint ginn. A mir wëllen och net, dass déi Diskussioun nees salonfähig géif ginn.

Zum Argument vum Conseil de Presse, dass dat jo souwéiso am Code de déontologie steet, muss ech soen, dass een am Fong dovunner ausgoe kann, dass d'Journaliste sech scrupuleusement un hire Code de déontologie halen an dass de Presserot scrupuleusement drop oppasst, dass dat och esou geschitt. An an deem Fall bréngt d'Gesetz vum 2012 am Fong keng Ännerung an et kann also net dovu rieds sinn, dass d'Pressefräiheet dowéinst a Gefor gerode wier.

**(Coups de cloche de la présidence)**

Zum Thema Pressefräiheet wëll ech hoffen, dass et net dobaussen zu enger Diskussioun kéint am Kader mat der Diskussioun iwwert d'Liberté de presse zu deene schrecklechen Attentater a Frankräich op „Charlie Hebdo“, dass do net d'Saache vermëscht ginn. Dat wär, mengen ech, a mengen Aen eng populistesch Aart a Weis, fir mat deene wichtege Froen dann ëmzegoen.

D'Pressefräiheet an d'Liberté d'expression si grondleedend Valeuren an enger Demokratie, déi mer musse verdeedegen an héichhalen, déi awer net ëmmer illimitéiert sinn. Et dierf een nämlech net diffaméieren, et dierf een och zum Beispill keen, wat och verbueden ass, dass een en Appel à la haine aussprécht. An ech erlaber mer, d'Zeitung „Le Monde“ ze zitieren an hire Online-Ausgab vum 14. Januar, do hu se en Artikel publizéiert mam Titel „«Charlie», Dieudonné...: quelles limites à la liberté d'expression?“.

An deem Artikel ginn d'Basen an d'Prinzipien vun där Fräiheet erkläert, grad wéi och d'Limiten. Ech zitieren: «La liberté d'expression n'est donc pas totale et illimitée, elle peut être encadrée par la loi. Les principales limites à la liberté d'expression en France relèvent de deux catégories: la diffamation et l'injure, d'une part; les propos appelant à la haine, qui rassemblent notamment l'apologie de crimes contre l'humanité, les propos antisémites, racistes ou homophobes, d'autre part.»

A méi spéit resuméiert dann och deeselwechten Auteur: «(...) la liberté d'expression ne permet pas d'appeler publiquement à la mort d'autrui, ni de faire l'apologie de crimes de guerre, crimes contre l'humanité, ni d'appeler à la haine contre un groupe ethnique ou national donné. On ne peut pas non plus user de la liberté d'expression pour appeler à la haine ou à la violence envers un sexe, une orientation sexuelle ou un handicap.»

D'Auteure vum besoten Artikel beschäftegt sech alleréngs dann och mam „cas complexe“ vum Humor, der Satir an och der Karikatur. A se soen och, natierlech, dass Karikatur a Satir musse kënnen stéieren, par définition musse se och onbequem sinn. Se mussen och souguer e bësse wéidoen. Dat ass gewosst. Mä och d'Karikatur a Satir, dat ass e spezielle Regëster. Mä och do ginn et dem Artikel vun der Online-Edition „Le Monde“ no Limiten. Eng dovunner wier „de ne pas s'en prendre spécifiquement à un groupe donné de manière gratuite et répétitive“. Ech hu just deen Artikel do zitéiert.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, et ass net einfach, iwwert d'Limite vu Presse- a Meinungsfräiheeten ze diskutéieren. Um Gesetz ass et, fir déi grouss Prinzipien festzehalen. Wou awer genee déi Limite vun der Presse- a Meinungsfräiheet sinn an ob se iwwerschratt goufen oder net, kann nëmmen au cas par cas vun de Gerichter beuerteelt ginn. Dat ass net iergendwellechen Interessensgruppen hir Aufgab. Et ass och net d'Aufgab vun de Kierchen a vun de Reliounsgemeinschaften. Et ass och net d'Aufgab vun de Politiker. Dat wollt ech nach hei gesot hunn.

Ech soen lech zum Schluss Merci fir d'Nolauschteren. An ech wëll am Numm vun der LSAP-Fraktioun soen, dass mer dës Proposition de loi net wäerte stëmmen.

Ech wollt och drun erënneren, dass an der Commission de l'Égalité mäi Rapport mat där Recommandatioun, dës Proposition de loi net ze stëmmen, unanime ugeholl ass. Ech wëll awer do preziséieren, dass de Fernand

Kartheiser, den Auteur, ëmmer an der Kommissioun matgeschafft huet, mä dass en net Member an där Kommissioun ass an dass en also kee Stëmrecht hat. Mä, op jidde Fall, de Rapport ass unanime vun der Kommissioun ugeholl ginn; dee seet, déi Proposition de loi hei net ze stëmmen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**► Plusieurs voix.- Très bien!**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Rapporteur. Ech wëll mech entschëlleegen, dass ech vun engem Projet de loi geschwat hat. Et ass selbstverständlech, Dir hutt et berichtegt, eng Proposition de loi, wou och direkt den Auteur, den Här Kartheiser, elo d'Wuert huet.

**Discussion générale**

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR), *auteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Här Angel villmools Merci fir säi Rapport. Mä et gëtt einfach Sujeten, déi vill ze seriösin sinn, fir se als populistesch ze qualifizéieren, wann ee sech dermat beschäftegt.

Mir haten an deene leschten Deeg, duerch d'Actualitéit - eng Actualitéit, déi mer net kannt hunn, wéi ech dës Proposition de loi gemaach hunn -, d'Geleeënheet, ganz vill iwwert d'Fräiheet vun der Press ze schwätzen. Mir hate vill Deputéierten heibannen, déi op hire Mediesäit, op elektronesch Medie gesot hunn: «Je suis Charlie.» Mir haten der, déi op Demonstratiounen gaange sinn. Mir haten der, déi gekrasch hunn opgrond vun deem, wat geschitt ass zu Paräis, a mir hu vun alle Säiten héieren, datt d'Leit sech bekennen zu der Fräiheet vun de Medien. An et ass och gutt an et ass richtig esou, datt mer esou eng Solidaritéit weisen.

Haut awer, duerch den Zoufall vum Kalenner, diskutéiere mer iwwer e Gesetz, wou mer kucken: Wéi escht ass et eis da mat der Fräiheet vun der Press? Dat ass e Lackmустest. Et ass een, wou mer musse weisen, ob mer wierklech d'Fräiheet vun der Press verdeedegen, wéi et an engem demokratesche Rechtsstat muss sinn, oder ob mer Ursache fannen, fir se anzuschranken opgrond vu Pressiounsgruppen, opgrond vu schwammege Konzepter, déi eis derzou bréngen, Grondprinzipien vun eise Rechtsstat a Fro ze stellen.

Mir hunn esou Grondprinzipien, dat ass d'Fräiheet vun der Press. Se steet an eise Artikel 24 vun der Verfassung, wou mer soen: «La censure ne peut jamais être établie.» Dat ass e ganz, ganz wichtige Grondprinzip. An et wär eigentlech dorunner, un deem Prinzip, wou mer alles misste moossen, wat am Abléck kéint u politesch Propositionen, fir ze kucken, ob et deem entsprécht.

De Statsrot huet eigentlech als Aufgab gehat, als Statsrot, fir ze kucken, ob e Gesetz konform ass zur Verfassung. E versteet sech jo als Gardien de la Constitution. Mä de Statsrot huet dat an deem Fall net gemaach. Et ass, leider, e ganz staark politiséiert Organ, dat an deem Fall deem Optrag sécher net nokomm ass.

De Statsrot huet net a sengem Avis iwwer e Gesetz iwwert d'Fräiheet vun der Press, ëm déi et hei geet, déi Analys gemaach, ob dat Gesetz konform ass zur Constitution. En huet d'Constitution emol net ernimmt. E seet a sengem Avis, datt seng Referenzen e politesch Plang sinn an enger Konferenz zu Peking, ausserdem de Plan national de l'égalité, awer dat si sekundär Texter, tertiär Texter, politesch net contraignant Texter, juristesche net contraignant Texter. Mä d'Constitution huet en net ugefëiert an en huet déi Analys iwwert d'Zensur net gemaach. Et ass ganz schued, datt dat esou geschitt ass.

Mir hunn an der Diskriminatiounsdiskussioun, an ech muss soen zu de Kollegen an der CSV, a menger Analys ass et ee vun deene gréisste Feeler, déi d'CSV an där Zäit gemaach huet, wou se an der Regierung war, datt se rechtlech Grondprinzipien opgrond vun elektoralen oder grad politesch opportune Grënn a Fro gestallt huet. An déi Diskriminatiounsdebatte gehéieren dozou.

Eng Partei, déi sech als statsdroend laang verstanen huet a sech och vläicht erëm wëllt esou verstoen, kann net higoen a Grondprinzipien vum Stat zur Dispositioun stellen. Si kann och net higoen a mat legalisteschen Argumenter wéi Hierarchien an Diskriminatiounsfroen argumentéieren, wann déi Diskriminatioun selwer op ganz schwammege Konzepter berout, déi eigentlech net dat duerstellen, wat eng Rechtssécherheet kann hierginn.

Et ass schued, datt op esou Manéieren argumentéiert gëtt, wann et awer kéint op engem ganz aneren Niveau geschéien, wou wierklech kéint mat Iwwerzeegung fir dat agestane ginn, wat awer d'Essenz vun eise westlechen Demokratien ausmécht.





Mat esou Argumenter argumentéieren, dat sinn Defizienzargumentatiounen. Et weist, datt eigentlech déi wichteg Saachen net méi am Zentrum stinn, mä datt éischter mat elektoralisteschen oder anere Considératione Politik gemaach gëtt. Dat ass schued.

D'ADR huet dës, oder ech hunn et gemaach mat der Ennerstëtzung vun der ADR, dës Proposition, wësst Der, well et einfach wichteg ass, datt mer eis bewosst sinn, a wéi engem Exercice mer hei sinn. Mir féieren eng indirekt Zensur mat dësem Gesetz an, dofir kënne mir als ADR och net domat zefridde sinn. Et ass eng indirekt Zensur! An dat soen net nëmme mir, dat seet de Conseil de Presse. An de Conseil de Presse seet et net emol, mä en huet et dräimol gesot!

De Conseil de Presse huet et gesot, well d'CSV dee Projet 6127 erabruecht hat an dës Debatt. En hat en Avis geschriwwen, dee ganz kritesch war, deen ebe just op déi Problematik opmierksam gemaach huet vun der indirekter Zensur an deene Risiken, deenen d'Medievertrieeder an d'Éditeure sech ebe kënne aussetzen. An en huet et nach eng Kéier gemaach an engem Mémoire, deen en duerno adresséiert huet un all Member vun der Chamber, wou e gesot huet, e géif eng Campagne maachen. Sou eescht war et dem Conseil de Presse!

An en huet et nach eng Kéier gemaach, wou mer elo dës Diskussioun iwwert dëst Gesetz hatten, wou alt nees eng Kéier, an dat muss een awer och soen, der Eierlechkeet halber, déi zoustänneg Chamberskommissioun vun der Egalitéit u sech dem Conseil de Presse déi Fro net wollt stellen. Et ass d'ADR, déi insistéiert hat, mat der Hëllef, an dëser Diskussioun, vun der DP. Wann dat net gewiescht wär, da wär de Conseil de Presse écartéiert gi vun der Diskussioun, obschonn hien et ass, deen un éischter Plaz beträff ass.

Ech bedauern och, ech bedauern, datt an eiser Press, déi leider zu engem ganz groussen Deel parteigebonnen ass, dee Kampf net gefouert gëtt, dee mer hei misste gesinn, wann et ëm d'Fräiheet vun der Press zu Lëtzebuerg geet!

Et ass schéin, datt eis Zeitungen an eis Medie sech engagéieren, wann zu Paräis en Attentat géint Journalisten oder Karikaturiste gemaach gëtt. Dat ass gutt. Mä ech géif mer wënschen, datt d'Parteien net de Kritär wiere vun eise Journalisten, wann et drëm geet, fir ze beuerleeren, wéi d'Fräiheet vun der Press hei soll an de Medie reflektéiert ginn.

Et ass net, well eng Proposition fir d'Fräiheet vun der Press vun der ADR kënnt, datt eis Journalisten doriwwer vläicht an der Press net esou berichten a sech net esou engagéieren, wéi de Conseil de Presse et hei am Land vormécht.

Et ass schued, well ech mengen, et géif och e breede Public interesséieren. Mir haten de Bewäis fir den Interessi jo virun e puer Deeg, wou en Imam an och e Vertrieeder vun der kathoulescher Kierch envisagéiert haten, fir verschidde Saachen, déi si als blessant empfanne fir hir reliéis Gefiller, net onbeschränkt an de Beräich vun der Karikatur oder der Kritik wëlle kommen ze loossen.

Doriwwer kann ee streiden. Well, wéi den Här Angel richteg rappeléiert huet, ass jo ee vun den Diskriminatiounsgrënn, dee fir hien a fir aner, déi op déi Manéier argumentéieren, jo wichteg sinn, d'Diskriminatioun opgrond vun der Relioun. Also ass dat u sech eppes, wat ee kann och an deem Geescht liesen, wéi mer et haut hei diskutéieren am Kader vun der Gläichheet vu Fraen a Männer. Dat ass och ee Grond. Et ass also och ee vun deene Grënn, déi an der Press, am Pressegesetz oder op jidde Fall an der Wirklechkeet vun der Press musse respektéiert ginn.

D'AHA hat direkt geschriwwen, wou dee Kommentar gemaach gouf: «L'AHA juge l'initiative visant à limiter la liberté d'expression comme la manifestation d'un cynisme monstrueux. Il relève de la responsabilité des politiques d'étouffer dans l'œuf de telles atteintes aux libertés d'expression, de la presse et de pensée», obschonn et am Gesetz steet! Hei hate mer also e Fall, wou direkt eng Associatioun sech dorunner gestéiert huet a wou mer direkt eng Diskussioun hei haten.

An haut de Moien huet den Här Bettel gesot, wou mer iwwert d'Fräiheet oder d'Trennung vu Kierch a Stat geschwat haten an der Kommissioun, e géif zu Lëtzebuerg keng Restriktioun vun der Liberté de la presse akzeptéieren. Dat waren d'Wieder vum Statsminister de Moien an der Chamberskommissioun.

D'Realitéit ass awer aner! An et ass dat och, wat mech stéiert, dat ass, datt mer u sech - net mir als ADR -, mä awer ganz vill Politiker, Parteien, en Discours priedegen, an deem se d'Fräiheet vun der Press als en héije Wäert duerstellen, a mat Recht, an awer, wann et an d'Praxis geet, dat direkt vergiessen an et, wéi

gesot, an d'Kategorie vun Diskriminatiounsdiskussiounen réckelen, déi awer juristesche, fir et emol ganz modéréiert ze soen, net kloer beschriwwen sinn an e gewëssenen Arbitraire hierstellen.

Fir eis als ADR, nach eng Kéier, war et wichteg, dës Proposition de loi ze maachen, well mer einfach net kënne akzeptéieren, datt eng Zensur hei am Land, sief se direkt oder indirekt, wéi mer se hei aféieren, datt eng Zensur hei am Land existéiert. Datt et net méiglech ass fir d'Pressevertrieeder, verschidde Saachen an hire Medien ze soen, ouni mussen ze fäerten, e Prozess ze kréien! Wou se och nach konfrontéiert si mat enger anerer Verletzung vum Rechtsstat, nämlech dem Renversement de la charge de la preuve. Eng Praxis, déi sech an deene leschte Jore leider agebiegert huet.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR), *auteur*.- Et ass einfach fir eis net akzeptabel! A mir sinn als ADR net an enger Schinn vu Populismus, wa mer doriwwer schwätzen, mä am Sënn vun enger Partei, déi eng Wäertorientéierheet an eng Trei zu rechtsstaatleche Prinzipie konkret iwwersetzt a Gesetzespropositionen an an e Behuelen, wat déi wichteg Grondpfeiler vun eise demokratesche Stat héichhält an nach weess, wou déi sinn, wéi se ze identifizéieren an ze beschreiwe sinn, a mat eise Wëllen, fir se och ze verdeedegen!

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madame Sylvie Andrich. Madame Andrich, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, fir d'Éischt emol Merci dem Rapporteur fir säin exzellente schrëftlechen a ganz engagéierte mëndleche Rapport an där Proposition de loi hei. Mä och Merci dem Initiateur hei vun der Proposition de loi, deen doduerch eng weider interessant éffentlech Diskussioun, ënner anere zum Thema Gläichbehandlung tëschent Mann a Fra, erméiglecht.

D'CSV begreist ausdrécklech, dass et zu engem Austausch mam Presserot koom an enger gemeinsamer Sitzung, et ass scho gesot ginn, vun der Chancëgläichheetskommisioun an der Mediekommisioun vun der Chamber.

De Presserot huet sech zu der Ëmsetzung vun där concernéierter europäescher Direktiv 2004/113 vum 13. Dezember 2004 zur Gläichbehandlung tëschent Mann a Fra, wat den Zougang zu Gidder a Servicer respektiv fir d'Zouliwwerung ugeet, e puermol zu Wuert gemellt. D'Vertreieder vun der Press konnten hire Point de vue och schonn am Virfeld vun der Ëmännerung vum initiale Gesetz vum 2007 an enger Entrevue de 17. Februar 2011 mat den deemolegen zoustännegen Ministere Biltgen an Hetto ausdrécken.

Dofir, am Numm vun der CSV, just e kuerze Kommentar zu der virleider Gesetzspropos, wat d'Hierarchisatioun vun den Diskriminatiounsmotiver ubelaangt.

Engersäits ass bei der Ëmsetzung vun dëser Direktiv duerch d'Gesetz vum 21. Dezember 2007 de generelle Prinzip vun der Gläichbehandlung tëschent Mann a Fra a ville Beräicher agefouert ginn, dat awer mat e puer Ausnahmen, dorënner déi Froen, déi sech mat dem Inhalt vun de Medien, der Publicitéit an der Éducatioun beschäftegen. De Rapporteur huet et beschriwwen, mä ech widderhuelen awer verschidde Saache weinst der Kloeerheet vun der Argumentatioun.

Déi lescht dräi Beräicher si bei der Ëmsetzung vun der Direktiv, bei der Ausschaffung vun dem initiale Gesetz am Joer 2007 ausgeschloss ginn, ënner anere, well d'Direktiv dëst net virgesinn hat. Déi Direktiv ass also eent zu eent ëmgesat ginn. An et war effektiv deemools schwéier, um europäesche Plang eng Eeneegung tëschent all deene concernéierten Akteuren ze fannen, well eng méiglech Interferenz mat der Pressefräiheet an der Pressevielfalt invoquéiert ginn ass.

Mä déi europäesch Direktiv ass eng minimal Harmonisatioun, déi de Memberstate fräi Hand léisst, Dispositiounen doriwwer eraus ze huelen, wat och eng signifikativ Zuel vu Länner gemaach hunn. De Statsrot war drop agaangen, gradsou wéi de Marc Angel a sengem Rapport.

Anerersäits gëtt et hei zu Lëtzebuerg d'Gesetz vum 28. November 2006, dat de Schutz géint all Zort vun Diskriminatiounen garantéiert, sief dat weinst dem Alter, engem Handicap, der sexueller Orientéierung, der Relioun oder sengen Iwwerzeugungen an der ethnischer oder Rassenzougheieregkeet. An dozou gehéiert och d'Netdiskriminatioun an de Beräicher vun

der Beschäftegung, der Éducatioun an dem gläichberechtigten Zougang fir Mann a Fra zu de Gidder a Servicer, gradsou wéi och d'Zoustellung vun dësen, wat jo d'Thema vun haut ass.

Den Uwendungsberäich vum Gesetz vum 2006 ass also e gutt Stéck méi breet wéi dee vum Gesetz vum 2007 a begräift och déi Beräicher, déi bei der Ëmsetzung vun der Direktiv ausgeklamert goufen. An doduerch sinn eng ganz Rei Ongereimtheeten entstanen.

Éischtens ass et zu enger Hierarchie tëschent de Rechter vun de Bierger komm. Zum Beispill huet de Bierger wuel d'Recht, fir net diskriminéiert ze gi weinst sengem Alter, engem Handicap oder senger Relioun, net awer d'Recht, fir géint eng Diskriminatioun opgrond vum Geschlecht an de Medien an an der Publicitéit an deelweis och an der Éducatioun geschützt ze ginn.

Zweetens. D'Kohärenz, d'Equivalenz an d'Ugepasstheet vun eise Lëtzeburger Rechtsnormen a virun allem de Respekt vum Artikel 11 vun der Verfassung, wou d'Gläichheet tëschent Mann a Fra verankert ass an deen ausserdeem virgesäit, ech zitieren: «L'État veille à promouvoir activement l'élimination des entraves pouvant exister en matière d'égalité entre hommes et femmes», waren domat a Fro gestallt a puncto Rechtsstat.

Drëtzens. Déi international Verpflichtungen, déi Lëtzebuerg agaangen ass par rapport zu der Organisatioun vun de Vereenten Natiounen, der UNO also, der Europäescher Unioun an dem Conseil de l'Europe am Beräich vun der Gläichbehandlung vu Mann a Fra waren och net méi respektéiert, ënner anere d'Konvention iwwert d'Eliminatioun vun allen Diskriminatiounen géegeniwwer vun de Fraen, bekannt als CEDAW-Konvention, oder d'Engagementer vun der Aktionsplattform vu Peking, fir nëmmen déi ze nennen, déi jo hiren Nidderschlag fannen am nationalen Aktionsplang fir d'Gläichheet vun de Fraen a Männer vun der Regierung.

Fir dës Onkohärenzen nees ze behiewen, huet déi viregt CSV/LSAP-Regierung an hirem Koalitionsprogramm virgesi gehat, déi Ausnahm, déi sech op déi dräi Beräicher vun der Publicitéit, de Medien an der Bildung bezunn huet, opzehiewen. Dëst bedeit, dass d'Gläichbehandlung tëschent Mann a Fra am Zougang zu Gidder a Servicer souwéi och der Bereetstellung vun dësen ausdrécklech op déi dräi Beräicher erwidert gouf duerch eng Ëmännerung vum Gesetz vum 2007, déi de 15. Mee 2012 hei an der Chamber mat enger écrasanter Majoritéit gestëmmt gouf. Domat hunn déi Persounen, déi sech op deem Gebitt diskriminéiert fillen, e Mëttel krit, fir sech ze wieren.

Déi virleied Gesetzspropos géif net nëmmen de Schutz vun de Bierger géint dës Diskriminatioun nees ophiewen, mä déi gesetzlech Onkohärenzen nees aféieren. An dat ass fir d'CSV net tragbar! D'CSV ass der Meenung, dass et zum generelle Prinzip vun der Gläichheet tëschent Mann a Fra keng Ausnahmeregelung dierf ginn.

D'Pressefräiheet muss am Respekt vun der mënschlecher Wärd an der Gläichheet tëschent Mann a Fra spillen. An dat huet näischt mat deene rezenten dramateschen Evenementer a Frankräich ze dinn. An dat huet och näischt mat engem „schwammege Konzept“ ze dinn, esou wéi et vum Auteur vun der Gesetzsproposition hei ugedeit gouf.

Sämtlech Avisen, déi an der gesetzgeberescher Prozedur zum Gläichheitsprinzip tëschent Mann a Fra fir den Zougang zu Gidder a Servicer souwéi och der Bereetstellung vun dësen erstallt gi sinn, deelen dës Meenung, vum Statsrot iwwert d'Berufsskummere bis zum Conseil national des femmes an dem Centre pour l'égalité de traitement.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, d'CSV-Fraktioun wäert dës Gesetzspropos deemno net matstëmmen. Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci, Madame Andrich. Nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madame Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wéi scho gesot ginn ass, mat enger grousser Majoritéit huet d'Chamber am Joer 2012 decidéiert, de Prinzip vun der Gläichbehandlung vu Fra a Mann iwwerall unzewenden an och a méi subtille Beräicher wéi ebe just de Medien an der Werbung.

Bis op véier Ausnahme waren all d'Deputéierten heibanne sech eens, datt d'Diskriminatioun opgrond vum Geschlecht déiselwecht Gravitéit huet wéi all aner Zort vun Diskriminatioun an datt se mat deeneselwechte Mëttelen muss bekämpft ginn. Eng Hierarchiséierung dierf et an där doter Fro net ginn! An ech si frou, datt

souwuel d'Madame Sylvie Andrich wéi och den Här Marc Angel dat do gesot hunn.

Weder d'Geschlecht nach den Alter, den Handicap, déi kulturell Hierkunft, d'Relioun, de Glawen oder all Zort vun Iwwerzeugung dierfen e Motiv sinn, fir eng Persoun ze diskriminéieren.

Dës Positioun hunn déi gréng allerdéngs net eréischt am Joer 2012 vertrueden, wéi d'Gesetz nogebessert ginn ass. Schonn am Joer 2007, wéi d'Direktiv transposéiert ginn ass, eben d'Direktiv zum Accès zu Gidder an Dëngschtleeschungen, hunn déi gréng sech enthalten, well se net d'accord waren, datt d'Medien an d'Publicitéit aus dem Gesetz ausgeschloss gi sinn.

D'Kollegin Viviane Loschetter huet deemools eng deementspriedend Motioun hei déposiert, déi awer leider nëmme vun eiser Fraktioun gestëmmt ginn ass. Leider huet et fënnf Joer gedauert, bis d'Chamber eiser Fuerderung nokomm ass. Mä ëmmerhin, et war e wichtige Schrëtt an eng gutt Richtung.

D'Proposition de loi vun haut gëtt mir d'Geleeënheet, eis Positioun eng weider Kéier ze widderhuelen a mir wäerten déi Positioun och bäibehalen. Si bitt awer och d'Geleeënheet, mech e bësselche mam Avis vum Presserot ze beschäftegen, deen an dëser Diskussioun jo awer mat eragezu ginn ass an deen och net onbedeitend ass an deem Secteur.

Grad wéi den Auteur vun der Proposition de loi, schwätzt och de Presserot sech jo derfir aus, d'Medien an d'Publicitéit nees aus dem Gesetz ze sträichen. D'Suerg vum Presserot, datt eng Application à la lettre, wéi et a sengem Avis steet, d'Riedefräiheet vun de Journalisten an d'Pluralitéit vun de Medien aschränke kéint, kënne mir eigentlech aus der Perspektiv vun de Journalisten duerchaus novollzéien.

Effektiv ass et jo esou, datt d'Journaliste stänneg engem Drock ausgesat sinn an un der viischer Front stinn, schonn eleng, wa si dat maachen, wat d'Gesellschaft sech vun engem gudde Journalist erwaart. Wa si hirer journalistescher Tache gerecht ginn, déi dora besteet, ze recherchéieren, ze informéieren, ze kommentéieren, ze kritiséieren, ze hannerfroen a wa se d'Konscht beherrschen, och ze karikaturéieren, sti se oft am Mëttelpunkt vun der Kritik.

Zu wéi enge Reaktiounen dës Tätegkeet am Extremfall ka féieren, huet déi terroristesch Attack op d'Karikaturiste vun „Charlie Hebdo“ bewisen. Dat war kee Glanzmoment vum Journalismus. „D'Affer si gekäppt ginn, well se e Kapp haten.“, huet de Psychiater an Auteur Paul Rauchs a senger rezenter Carte blanche op RTL behaupt. De Mann hat recht!

D'Affer haten d'Intelligenz a se haten de Courage, fir sech mat brutalem, mä och mat raffinéiertem Humor zu Saachen ze äusseren, déi se perséinlech awer déif respektéiert hunn. Dës an aner subtille Methoden oder Manéieren, sech zu Wuert ze mellen, mussen d'Recht an d'Fräiheet vun all Journalist sinn a bleiwen, och am Kontext vun der Gläichstellung vu Fra a Mann an am Kontext vun der Gläichstellung vun Transgender-Persounen, déi an dëser Diskussioun oft vergiess ginn.

Allerdéngs, an dat ass mer wichteg, dierf dës journalistesche Fräiheet kee Fräipass sinn, fir aner wichtige Regele vum demokrateschen Zesummeliewen ausser Kraaft ze setzen. Am Kontext vum terroristeschen Uschlag op „Charlie Hebdo“ zum Beispill heescht dat, datt déi Attack net als Argument benotzt dierf ginn, fir d'Presse- an d'Meenungsfräiheet iwwert déi éffentlech Uerdnung an iwwert dat éffentlecht Recht ze stellen. Se ass just den Deel vun engem Ganzen. Zu deem Ganze gehéieren nach ganz aner Grondprinzipien, déi jiddweree muss respektéieren, an och Grondrechter, déi jiddweree muss schützen.

Dat zielt och fir den Accès, de gläichberechtigten Accès zu Servicer a Gidder, ëm déi et an dëser Proposition de loi geet, notament och an der Press an an der Publicitéit. E wichtegt Grondrecht ass ebe just dobäi de Schutz géint d'Diskriminatioun, grad wéi och d'Recht, sech mat legale Mëttelen géint all Zort vun Diskriminatioun ze wieren.

Duerno geet et dann drëms, déi néideg juristesche Schrëtt anzeleeden a gegebenenfalls Strofen auszeschwätzen, wann et sech ëm eng Diskriminatioun handelt.

De Verbuet vun der Diskriminatioun, d'Vielfalt vun de Kulturen, de Reliounen an de Sproochen an notament och de Prinzip vun der Gläichheet tëschent Fra a Mann sinn iwwer-





gens och an der Europäescher Mënsche-rechtscharta an den Artikelen 21, 22, 23 veran-kert. Et handelt sech hei ëm universell Mën-scherechter, déi e Ganzt bilden a keng Aus-nahm zouloossen! Dowéinst gëtt et an eisen Ae kee Grond, fir zwee Beräicher aus dësem Ge-setz auszeklamieren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- En zwee-ten, wichtige Grondprinzip vun eiseem Rechts-stat, deem och an de Kontext vun dëser Propo-sition de loi gehéiert, ass d'Recht op fräi Mee-nungsausserung, déi schonn e puermol hei erwähnt ginn ass. Dozou zielt och d'Pluralitéit vun de Medien, d'Pressefräiheet an d'Fräiheet, Informatiounen ze empfänken a weiderzeginn. Dës Dispositiounen sinn am modifizéierte Gesetz vun 2004 festgehalen a sinn och am Artikel 11 vun der Europäescher Mënscherechtscharta verankert. Se hunn also genoe deeselwechte Stellwäert wéi d'Gläichbehandlung vun de Geschlechter an de Verbuet vun der Diskrimi-natioun.

Natierlech, dat wësse mer, gëtt et ëmmer Kon-flikter tëschent dem Recht vun deem engen an dem Recht vun deem aneren. Am Konflikt tëschent dem Recht op Meenungsfräiheet an dem Recht vum Eenzelnen op Gläichbe-handlung ass et dann awer weder un der Press nach um Presserot nach um Eenzelnen, fir do-riwwer ze jugéieren. Mir liewen an enger De-mokratie. An an der Demokratie läit déi Ent-scheidung beim Gericht als iwwergeuerdnet an neutral Instanz, natierlech an der Hoffnung an ënnert der Viraussetzung, datt d'Affär och traitéiert gëtt. Dee Problem ass virduer uge-schnidde ginn.

Op enger ganz anerer Ebene gesi mir de Code de déontologie vun der Press, dee laut dem Presserot méi streng ausgeriicht ass wéi den Text vum Gesetz. Der Meenung vum Presserot no ass dee Code an déi gutt Aarbecht vun der Commission des plaintes Ursach genuch, fir keng speziell Dispositiounen an dësem Gesetz ze schafen oder se dranzeloossen.

Mir zweifele kee Moment drun, datt seriö Pres-seorganer ganz virsiichteg a bewusst mam Vo-let vun der Gläichstellung ëmginn an all Dis-kriminatioun och bewusst ënnerloossen.

Déi niddreg Zuel vu Plainten ass schonn eleng e Bewäis, datt mer keng grouss Problematik hei am Land hunn. Trotzdeem si mir der Meenung, datt et mam Code de déontologie als Instru-ment net duergëet, well en enger betroffener Persoun net déi néideg legal Basis liwwert, fir zu hirem Recht ze kommen.

Ech kéim dann zur Publicitéit, ëm déi et hei och geet. Mir gesinn do keng aner Disposi-tiounen wéi bei der Press oder bei de Medien.

Mir mengen, datt och d'Publicitéit net därerf ausgeschloss ginn. Och wann et do e strenge Code de déontologie gëtt, dee mir als wäert-vollt Instrument ugesinn, wuel fir d'Ethik an der Werbung ze jugéieren an ze iwwerwaachen. Al-lerdénge schaaft och dëse Code net déi néideg gesetzlech Handhab, soudatt sech fir de Bierger an d'Biergerin déiselwecht Fro stellt, wéi um Niveau vun der Press.

Och hei muss et méiglech sinn, juristesche Schrëtt géint d'Initiateure vun enger Werbe-campagne anzeleeden, wann d'Campagne nun emol elementar Mënscherechter verletzt. Dëst ëmsou méi, well déi ënnerschwelleg Messagen, déi virun allem duerch Biller a Fotoe vermëttelt ginn, ganz ufälleg si fir Sexismus an Instru-men-talisierung vun der Fra, munchmol och vum Mann.

Dës Problematik ass längst erkannt an ass och am Joer 2010 an enger ganz opschlussräicher Etüd vum Conseil de la publicité zesumme mam Ministère de l'Égalité des chances doku-mentéiert ginn.

Et ass festgehalen ginn, datt de Gros vun de Reklammen, vun der Werbung hei am Land eigentlech kee Problem duerstellt a ganz neu-tral ausgeriicht ass. An et ass awer och festge-stallt ginn, datt mer eng ganz Rëtsch vu Re-klammen hunn, déi net onbedenklech sinn.

Virun allem huet d'Etüd bestätegt, datt d'Wer-becampagnen och zu Lëtzebuerg vill Kli-scheeën a stereotyp Rollbillen véhiculéieren. Beispillsweis an der Werbung vu Miwwelen, wou an insgesamt 21 Reklamme just zwee Männer a ganzer 19 Frae virkommen. Déi Frae ginn awer do net als aktiv Mënschen duerge-stallt, mä ausnahmslos als passiv a verféieresch Dekoratioun vun de Miwwelen.

Am Banken- an Assurancësektor sinn et ni d'Fraen, mä ausnahmslos d'Männer, déi d'Ka-pital vun der Famili - d'Wuert seet et - „en bon

père de famille“ géréieren. Beim Akafegoen - Verschiddener schwätze vu Shopping - sinn et, laut därselwechter Etüd, ëmmer d'Fraen, déi dëser Beschäftegung noginn an am léifsten all Euro ausginn, deen de Mann alt nees „en bon père de famille“ gespuert huet.

Dëst si just e puer Beispiller aus der Etüd, déi beschteens illustréieren, datt d'Publicitéit bei der Verbreedung vun erniddregende Klischeeën a Stereotypen net onschëlleg ass.

Natierlech sinn ënnerschwelleg Messagë wéi déi do - an d'Weltbild, wat derhannertstécht -, net Grond genuch, fir dee ganze Sektuer vun der Publicitéit a Ketten ze leeën. Och do muss eng gewësse Fräiheet erlaabt sinn an och eng gewësse Fantasie. Se sinn awer Grond genuch, fir och d'Publicitéit net aus dësem Gesetz ze sträichen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kéim zum Schluss. Ech wëilt dem Marc Angel villmools Merci soe fir säin exzellente Rapport a virun allem fir déi demokratesche Wäerter, déi en dora vertritt. Ech sinn iwwerzeegt, datt mir d'Rad vun der Geschicht haut net zrëckdréien an d'Mënscherechter weiderhi verteidegen an héichhalen, grad ewéi vill aner Staten och.

Domat soen ech lech Merci fir d'Nolauschte-ren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madame Lorsché. D'Wuert huet den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas** (*DP*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Proposition de loi huet jo u sech zwee Voleten: engersäits de Prin-zip vun der Gläichbehandlung tëschent Mann a Fra an zweetens d'Pressefräiheet. An et kann ee jo och net niéieren, datt e gewëssene Lien tëschent deenen zwee Beräicher besteet.

Wat deen éischte Volet ubelaangt, d'Diskus-sioun iwwert den Traitement d'égalité, ass et sécher, datt et oft Leit gëtt, déi dat méi emotio-nal diskutéieren. Op där anerer Säit gëtt et na-tierlech awer och Leit, déi dat méi rational ge-sinn a vläicht och méi dee juristeschen Aspekt an de Vierdergrond stellen.

Firwat soen ech dat? Ech wëll emol drop hiwei-sen, datt d'Demokratesche Partei ganz kloer sech ëmmer fir e gutt fonctionnéierende Rechtsstat asetzt an datt se heiansdo Schwie-regkeeten huet, Argumentatiounen ze akzep-téieren bei der Ausaarbechtung vun engem Ge-setz, déi éischter vläicht elo op emotionalen Iwwerleeeunge baséieren.

Ech ginn hei e Beispill, an zwar de Vote vun deem Gesetz, iwwert dat mer haut jo u sech och diskutéieren, aus dem Joer 2007, déi sou-genannten „Unisex-Direktiv“ vum 13. Dezem-ber 2004. D'DP hat sech deemools enthalen. Net u sech, wat elo den Inhalt vum Gesetz ube-laangt, mä éischer aus reng juristesche Grënn.

Et waren dräi Ursaachen, dräi Haaptargumen-ter, firwat datt meng Fraktioun sech deemools enthalen hat. Eise Spriecher war iwwregens kee Geréngere wéi den heitege Statsminister Xavier Bettel an huet op dräi Punkten higewisen.

Dat éischt ass: Associatiounen krute jo d'Recht, am ziville Beräich Recours géint eng Persoun ze maachen. Dann zweetens, wou mer eis dru ge-stéiert haten, datt war d'Affäre vun engem Montant forfaitaire am Kader vum Préjudice moral. An den drëtte Punkt, dat war de Renver-sement vun der Charge de la preuve.

Et waren u sech déi reng juristesche Argumen-ter, firwat datt mer eis deemools enthalen hunn.

D'DP ass och net - dat kann een och nach eng Kéier hei betounen - ee ganz grouss Frënd vun de Quoten. Wa mer schonn an där ganzer Diskussioun sinn, déi ech elo net wëll hei ver-deiwen, mir sinn eng vun deene wéinege Par-teien, déi net onbedéngt euphoresch...

(*Interruption*)

...sech duerstellt, wann et heescht, Quoten an-zeféieren. Mir hu keng Quoten an eiser Partei. A wann ech d'Kolleeginnen an d'Kolleegen esou kucken, mengen ech kaum, datt dat à court an à moyen terme en erstriewenswäert Zil wäert sinn.

Mir respektéieren allerdénge aner Parteien, déi do éischer eng aner Meenung vertrieeden. Ech mengen, do soll jiddweree maachen, wéi en et fir richtig hält.

Firwat, wéi gesot, ginn ech op all déi Iwwer-leeeungen hei an? Mä fir nach eng Kéier ze ën-nersträichen, wa mer den Discours féieren an der Matière vun der Gläichstellung tëschent de Geschlechter, datt mer rasonabel musse légifé-rieren, an datt natierlech net nëmme reng ideologesch Iwwerleeeungen dierfen eis do gui-déieren.

Mä et ass awer kloer, datt dat een net soll ver-hënneren, weiderhi sech derfir anzesetzen, datt

mer eng Égalité des chances an eiser Gesell-schaft ustriewen.

A wa mer elo kucken, wat an deene leschten honnert Joer Positives geschitt ass, vun 1919 un, wou de Vote universel agefouert ginn ass, bis hin zu deem ganz modernen Ofdreiwungs-gesetz, wat mer virun e puer Wochen hei ge-stëmmt hunn, dann ass dat ouni Zweifel dee richtige Wee gewiescht. E Wee, deen dës Par-tei jo och ëmmer matgaangen ass.

Den Tempo vun der Gläichstellungskultur - fir et emol esou ze soen -, deen ass ouni Zweifel och déi lescht Jore richtegerweis accélériert ginn, dat virun allem och um europäeschen Ni-veau, wou mer eng Rei vun Instrumenter hunn, déi dës Politik och erlaabt hunn.

Ech erënneren zum Beispill hei un den Traité vun Amsterdam, deen u sech d'juristesche Basis geliwwert huet, fir déi Politik ëmzesetzen. Ech erënneren dann och un d'Charta iwwert d'Grondrechter vun der EU, wou d'Elimina-tioun vun all Form vun Diskriminatioun dran enthalen ass.

An da gëtt et doriwwer eraus natierlech och eng Rei vun internationalen Instrumenter - dat eent oder dat anert ass och schonn hei ge-nannt ginn. Ech erënneren och hei un d'UNO-Charta iwwert d'Grondrechter vun 1945 a virun allem natierlech déi universell Deklara-tioun vun de Mënscherechter aus dem Joer 1948.

An da wëll ech an dësem Kontext awer och op d'Gesetz vum 28. November 2006 erënneren iwwert d'Diskriminatioun - fir et elo emol e bësse méi pauschal auszedrécken -, well do sti jo awer schonn eng Rei wesentlech Elementer och dran, wat d'Gläichbehandlung ubelaangt. An ech wëll zum Beispill zitéieren, wat awer iwwert den Harcèlement do drasteet: «...qui a pour objet ou pour effet de porter atteinte à la dignité d'une personne et de créer un environ-nement intimidant, hostile, dégradant, humili-ant ou offensant».

An dann nach, wat ganz interessant ass, am Ar-tikel 2 vun deem Gesetz steet explizit ënnert dem Champ d'application, ënnert dem Punkt g), d'Éducation. A mir schwätze jo och hei iwwert d'Éducation. Ech si licht verwonnert, datt dee Volet am Fong hei nach weider guer net ugeschwat ginn ass. Et geet jo net nëm-men ëm d'Press an deem Gesetz hei. Et geet jo net nëmme ëm d'Publicitéit, mä et geet och ëm d'Éducation.

Bon, dat ass, wéi gesot, hei elo e bëssen ënner-gaangen. Huet och vläicht seng Berechtigung, well mer eben do eng ganz Rei gesetzlech Dis-positiounen schonn hunn, soudatt mer do net weider hu musse légiférieren.

Ech wëll och hei ënnersträichen, datt an deene leschte Jore jo awer och d'Ausbildung vu Jon-gen a Meedercher sech ëmmer méi openeen zoubeweegt huet - wat jo och gutt ass - an datt an deem Beräich do dach wahrscheinlech keng gréisser Problemer méi festzestellen sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5739, also dat spéidert Gesetz vum 21. Dezember 2007, hat jo, wéi gesot, déi dräi Kärberäicher Medien, Publicitéit an Éduca-tioun ausgeschloss. Deemools war et jo virun allem um europäeschen Niveau, wou keng Ee-negung fonnt ginn ass.

Déi Dispositioun, déi mir hei zu Lëtzebuerg, wéi gesot, deemools écartéiert hunn, hat na-tierlech awer och zu enger Rei negative Stëmme gefouert. Enner anerem de Lëtzebuer-ger Fraeröt hat sech dergéint ausgeschwat, an awer och déi deemoleg Chambre des Employés privés war net frou, datt de Législateur déi do dräi Beräicher net respektéiert hat.

Natierlech, wann een éierlech ass, ech men-gen, Sexismus, Viruerteeler an déi verschidde Stereotype kënnen natierlech duerch d'Medien an duerch d'Publicitéit gefërdert ginn - ob dat elo bewusst oder onbewusst geschitt. Hoffent-lech oft net bewusst. D'Leit bilde sech natier-lech och eng Meenung. Eng Meenung, déi na-tierlech iwwert de Wee vun de Medie kann och staark beaflosst ginn.

Jiddefalls, laut där Proposition de loi hei vum Här Kartheiser soll d'Rad jo dann elo zrëckge-dréit ginn op 2007. An dat, wat 2012 hei déci-déiert gi war, soll da réckgäengeg gemaach ginn.

De Problem ass, eiser Meenung no, wéi gesot, net ze gesinn um Niveau vun der Éducation, well et eben do eng Rei vun nationalen an in-ternationalen Dispositiounen ginn, wat d'Publici-téit ubelaangt. Do besteet natierlech en enke Lien zu de Medien, zu der geschriwwener an zu der geschwatener Press, mä d'Publicitéit u sech huet och e gewëssenen eegene Fräiraum.

A fir eis ass et op alle Fall och do kloer, datt net a Fro soll gestallt ginn, fir déi Dispositiounen do an Zukunft aus dem Gesetz erëm erauszehue-len. Ech mengen, et ass ganz kloer - et ass och

hei schonn ugeschwat ginn -, datt an der Publi-citéit e Mënsch, sief dat e Mann oder eng Fra, net soll als Lustobjekt oder als mannerwäertge Mënsch duergestallt ginn. Dat ass inakzeptab-el. Ech mengen, et ass och d'Dignitéit, déi hei muss ganz kloer priméieren.

Natierlech stellt sech dann awer och d'Fro: Wéi wäit huet de Législateur dann d'Recht, awer do och anzegräifen? Wéi wäit ënnerhieche mer vläicht awer och déi fräi Maartdécisiounen, de fräie Maart? Wéi wäit kann deen awer elo hei vum Législateur ageschränkt ginn? An do - be-sonnesch als Liberalen - gëtt een natierlech vill méi hellhöreg, wann de Législateur ufänkt, do ze vill wäit ze goen.

Fir bei engem Beispill ze bleiwen, wat d'Aktuali-téit de Moment eis jo gëtt: Mir sti jo am Ufank vum Autosalon. Solle mer dann elo de Publici-téitsmaacher verbidden, bei engem schéinen, flotten Auto, datt och nach eng flott, attraktiv Damm dernieftsteet? Natierlech kann ee sech doriwwer seng Gedanke maachen. Natierlech kann een d'Fro stellen, wéi wäit datt dat sën-n-voll ass. Mä ob de Législateur dozou beruff ass, fir dat ze verbidden, ech woen awer emol trotzdeem, dat elo hei awer och a Fro ze stellen.

Da kënn natierlech dee leschten, deen drëtten an dee wichtigste Volet: Dat ass natierlech d'Press. An ech mengen, et ass dem Här Kartheiser jo och prioritär drëms gaangen, fir hei eben iwwert de Wee vu senger Proposition de loi d'Pressefräiheet ze garantéieren och an Zukunft. D'Fro, déi sech natierlech direkt hannendru stellt: Ass d'Pressefräiheet agéenk-t ginn zënter 2012? Ech kommen herno nach eng Kéier kuerz dorobber zrëck.

Mä dat ass e ganz wichtige Sujet. An ech men-gen, wat een hei soll ënnersträichen, datt déi Proposition de loi zumindest och de Virdeel huet, datt ee sech haut och e puer Gedanke mécht iwwert d'Pressefräiheet insgesamt, de Pressepluralismus insgesamt. An dat, wat na-tierlech de 7. Januar zu Paräis geschitt ass, dat kann een awer och haut hei net ignoréieren. Well do ass jo awer eng barbaresch Attack op de Kär u sech vun der Substanz vun enger De-mokratie gemaach ginn, an all fräiheitsden-kende Mënsch muss natierlech do wierklech méi wéi erfiert sinn iwwert dat, wat do vir sech gaangen ass.

Ech wëll emol eng Kéier kuerz och drop hiwei-sen, wat d'Pressefräiheet u sech duerstellt. An ech sinn do op e ganz flott Zitatzestouss vun deem genialen Dichter Goethe - dee jo awer elo scho laang net méi ënnert eis ass -, an deen huet do eppes ganz Flottes gesot: „Zensur und Preßfreiheit werden immerfort miteinander kämpfen. Zensur fordert und übt der Mächtige, Preßfreiheit verlangt der Mindere. Jener will weder in seinen Plänen noch seiner Tätigkeit durch vorlautes widersprechendes Wesen ge-hindert, sondern gehorcht sein; diese wollen ihre Gründe aussprechen, den Ungehorsam zu legitimieren.“ Ech mengen, méi flott kann een u sech net eng Definitioun iwwert d'Pressefräi-heet erëmginn.

An natierlech ass dann déi kruzial Fro ze stellen: Wou sinn d'Grenze vun der Pressefräiheet? Vir-drun ass dat och schonn hei kuerz undisku-téiert ginn: d'Blasphemie zum Beispill. Soll d'Blasphemie an Zukunft an der Press net méi kënnen diskutéiert respektiv och traitéiert ginn? Déi Aussoen, déi vu verschiddene kierchleche Wierdenträger an deene leschten Deeg ge-maach gi sinn, sinn eiser Meenung no jiddefalls an där Form net esou ze ënnerstëtzen, well se dach indirekt eng Anengung vun der Pressefräi-heet géife mat sech bréngen.

Et därerf een awer net vergiessen, Glawen - a virun allem reliéis motivéierte Glawen - ass eppes Subjektives, entsprécht also enger Virstel-lung vun engem Individuum, och vun engem Kollektiv, wat zwar meeschtens nach Kollektive sinn, déi eng Minoritéit duerstellen. Dat soll ee respektéieren, dat soll een akzeptéieren.

Mä wann awer géif verbuede ginn, datt ee sech iwwert dee Glawen auslosse kann - sécher aus Respekt weess ee vläicht, wou d'Grenze sinn -, mä wann een awer verbuede kritt, trotzdem iwwert de Wee vu Karikaturen oder dat och méi satiresch ze gesinn, dann, mengen ech, si mer awer wierklech um Wee, fir an d'Pressezensur eranzegoen. An duerfir menge mer op alle Fall, datt een do muss ganz virsiichteg sinn, wéi wäit datt ee soll an Zukunft do och légiférieren.

Wéi gesot, déi Diskussioun hei ass natierlech, besonnesch wat deen drëtten Aspekt ube-laangt, ganz komplex an d'Grenze vun der Pressefräiheet si ganz schwéier ze zéien. Global kann ee soen: Natierlech do, wou d'Dignitéit vun deem Eenzelnen a Fro gestallt ginn ass, na-tierlech muss do ganz kloer eng Grenz gesat ginn.

D'Fro, déi sech dann ebe stellt, ass: Solle mer op de Wee vum Gesetz vun 2007 zrëckkom-men oder solle mer um Wee vum Gesetz vun





2012 bleiwen? Wat ech och net hei verheemlechen wëll, dass d'Demokratesch Partei deemools den Accord ginn huet. Allerdéngs mat enger gewëssener Äschränkung, déi ech och nach eng Kéier wëll hei widderhuelen.

Well deemools ass gesot ginn - den Eugène Berger war eise Spriecher -, datt mir zwar eis Zoustëmmung géife ginn, mä datt eng Kéier soll e Bilan gemaach ginn. An dat ass dat, wat wichteg ass. An ech wëll dat haut och nach eng Kéier hei ënnersträichen. Et ass wichteg, datt mer awer trotzdeem no enger Rei vu Joren emol kucken: Wat huet déi Dispositioun u sech dann elo an der Praxis mat sech bruecht?

Dann däerf een och net vergiessen, datt de Conseil de Presse 2012 - loosse mer eis emol virsiichteg ausdrécken - net onbedéngt ganz gentil behandelt ginn ass. Déi pertinent Argumenter, déi an hirem Mémoire ouni Zweifel dra sinn, sinn deemools kaum zur Kenntnis geholl ginn. An ech war zwar dunn net hei derbäi, mä ech weess, datt dat eng Affär vu Stonne war, wéi dee Mémoire kouw, a mëttes ass hei schonn driwwer diskutéiert ginn.

An et däerf een awer net vergiessen, wann et hei ëm de Kär vun der Press geet, datt dann awer dat Organ, wat jo nun awer d'Press par excellence hei zu Lëtzebuerg representéiert, muss mat an den Diskussiounsprozess do integréiert ginn.

Ech wëll iwwregens dann och nach drop hiweisen... Den Här Kartheiser huet virdrun hei gesot, datt - mat Ënnerstëtzung vun der DP - effektiv de Conseil de Presse an d'Kommissioun geruff ginn ass. Dat stëmmt. Ech ginn esouguer esou wäit ze behaupten, datt et op Initiativ vun der DP war, Här Kartheiser, wann ech mech nach gutt kann erënneren, well mer einfach der Meenung sinn, datt et wichteg ass, datt awer och an där heiteger Diskussioun déi Haaptakteuren zu Wuert komme sollen an datt se och kënne sech dozou äusseren.

Jiddefalls, eppes ass kloer - dat gëllt fir all demokratesch Gesellschaft: Et gëtt keng Fräiheet ouni Pressefräiheet. An do sinn ech och ganz mam Auteur vun der Proposition de loi eens.

Et gëtt einfach ze vill Beispiller op der Welt, déi beweisen - an déi rezent Aktualitéit beweist dat ganz kloer -, datt do, wou keng Pressefräiheet besteet, do bestinn och politesch Systemer, déi elementar Mënscherechter net méi respektéieren.

Ech mengen, dat ass jo dat Allerlescht, wat mir wëllen. Mir wëllen natierlech en ziviliséierten, kontradiktorieschen Meenungaustausch, an zu deem gehéiert natierlech selbstverständlech awer och, säin Ausdrock vu senger Meenung an enger Press och kënnen eriwwe ze ginn.

Ech wëll dann zum Schluss och nach kuerz op den Avis vum Conseil d'État agoen, deen do vun där berühmten „hiérarchisation entre les différents motifs de discrimination“ geschwat huet. Dat ass natierlech eng Iwwerleeung, do sinn ech net esou ganz eens mam Här Kartheiser. Sécher ass et keng direkt juristesche Argumentatioun, mä et ass awer zumindest och eng Argumentatioun, déi net vun der Hand ze weisen ass an déi awer fir eng Kohärenz an eiser Gesetzgebung antrëtt.

Ech mengen, dat ass och e Wee, dee mir als Demokratesch Partei awer och versiche matzegoen. Jiddefalls aus där Optik gekuckt, wär et wahrscheinlech net ratsam, dann d'Rad erëm zrëckzedréien an op dann d'Joer 2007 zrëckzekommen.

Duerfir gesi mir als Demokratesch Partei keng direkt Nécessitéit, fir där Proposition de loi elo hei eng positiv Ënnerstëtzung ze ginn. Ech wëll awer, wéi gesot, nach eng Kéier hei kloer ënnersträichen, datt mir net zu deene gehéieren, déi elo voller Euphorie vläicht géint verschidde Moossnamen sinn, déi 2012 geholl gi sinn, an datt mer op sinn, fir natierlech dee ganze Prozess do ganz no ze suivéieren, well et fir eis eben evident ass, datt d'Pressefräiheet, de Pressepluralismus einfach de Grondpfeiler vun eiser Demokratie ass an och muss bleiwen.

Ech sinn allerdéngs iwwerzeegt, datt mer do och eng gutt Ënnerstëtzung duerch d'Press ebe selwer kréien. An et kann een - mat enger Ausnahm - jiddefalls ganz kloer hei behaupten, datt all eis Zeitungen - eis geschriwwene Press, wéi gesot, eis geschwade Press, d'visuell Medien - op engem gudden, ziviliséierten Niveau funktionnéieren, wat een och nëmmen hei kann ënnersträichen.

An ech weess och duerch de Code de déontologie vun de Journalisten, datt selwer natierlech de Reflex do ass, fir d'Grenzen ze erkennen. An ech weess och, datt mer hei zu Lëtzebuerg gutt Chefredakteren hunn, déi och wëssen, wéini se d'Léngt vun hire Journaliste mussen méi kuerz halen, wa se géifen zu Excès sech verleede loossen.

An deem Sënn, wéi gesot, wëll ech awer ofschléissend och nach eng Kéier dem Marc

Angel Merci soe fir säi flotte Rapport. Nach eng Kéier: Et ass eng Diskussioun, déi ganz interessant ass, déi komplex ass a wou, mengen ech, awer keen onbedéngt déi absolutt Wourecht gepacht huet.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Eng Sekonn, wann ech gelift! D'Madame Nancy Kemp-Arendt, mengen ech, wollt eng Fro un Iech stellen, oder eng Präzisioun froen.

► **M. Gusty Graas (DP).**- Selbstverständlech.

► **Mme Nancy Arendt (CSV).**- Jo, Här President, den Här Graas huet a senger Interventioun gesot, och wann et haut net zur Debatte steet, datt d'DP net fir d'Quote wär. Ech wollt hie froen, ob hien dat a sengem perséinlechen Numm gesot huet oder am Numm vun der Fraktioun.

Well d'Madame Mutsch ass jo hire Programm virstelle komm mat ganz präzisen Ugaben, wéi déi Quote sollen ëmgesat ginn, an huet eis och do gesot, si hätt de Go vun der Regierung. An ech wollt elo den Här Graas froen, ob dat d'Meenung ass vun der DP-Fraktioun oder ob d'Meenung vun der DP-Fraktioun eng aner Meenung ass wéi déi vun där DP, déi an der Regierung sëtz.

Merci.

► **M. Gusty Graas (DP).**- Also, da kann et sinn, datt Der mech vläicht net ganz richtig verstanen hutt. Fir d'Éischt hunn ech emol geschwat vun de Quoten an der Partei. Do hunn ech ganz kloer gesot, datt d'Demokratesch Partei net déi Partei ass, déi à court, à moyen terme als erstriewenswäert Zil ugesäit, parteiinternen Quoten anzusetzen. Dat ass emol dat Éischt.

Dat Zweet, wat ech gesot hunn, wou d'Demokratesch Partei ganz grouss Problemer huet a wou se mat Sécherheet - an, ech mengen, ech kann dat ënnert dem Contrôle hei vun eise Kollege soen - Problemer huet, dat ass, wann um Niveau vun der Privatwirtschaft Quoten agesat ginn. An d'Madame Minister huet jo awer ganz kloer gesot, déi leschte Kéier, wéi se hire Programm presentéiert huet, datt se net wëlles huet, ze léigiféieren, wat zum Beispill d'Privatwirtschaft ubelaangt.

Madame Minister, oder hunn ech elo eppes Falsches gesot? Esou hunn ech et op alle Fall déi leschte Kéier verstanen.

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de l'Égalité des chances.**- D'Ministesch hält sech un de Regierungsprogramm.

► **M. Gusty Graas (DP).**- Maja.

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de l'Égalité des chances.**- Do steet et ganz détailléiert dran. Souwuel, wat déi politesch Quoten ubelaangt, wéi och, wat déi wirtschaftlech ubelaangt.

► **M. Gusty Graas (DP).**- Mä dat, wat ech jo awer elo gesot hunn, ass jo awer net falsch.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Sou, elo géif ech mengen, dass mer mat dem Trilog oder Dialog fäerdeg sinn. Et ass eng Fro un den Här Graas gestallt ginn. Den Här Graas soll déi beäntweren an zum Schluss kommen. An d'Madame Minister kritt herno d'Wuert, da ka se dorop reagéieren.

► **M. Gusty Graas (DP).**- Merci, Här President. Ganz kuerz nach. Ech mengen, dat ass deen drëtten Aspekt, dat ass d'Äféierung vu Quoten um Niveau vum Wahlgesetz, wat och d'Wahlleschten ubelaangt. Dat steet am Regierungsprogramm, dat stelle mir net hei a Fro, an d'Äféierung vu Quoten a gewëssenen Établissements publics oder beim Stat stelle mir net a Fro.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gusty Graas (DP).**- Ech wëilt nach eng Kéier kloer hei betounen: éischtens parteiinternen, zweetens um Niveau vun der Privatwirtschaft.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci.

► **M. Gusty Graas (DP).**- Sidd Der zefridden dermat?

► **Mme Nancy Arendt (CSV).**- Ech soe Merci fir d'Präzisiounen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Soss nach Wuertmeldungen? Well ech hu keng méi hei stoen. Da géif ech der Madame Minister direkt d'Wuert ginn. Madame Chancëgläichheitsminister!

**Prise de position du Gouvernement**

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de l'Égalité des chances.**- Merci, Här President. Mäin éischt Wuert gëllt all deenen, déi op eng a mengen Ae konstruktiv Aart a Weis hei d'Wuert geholl hunn, fir zu deem Sujet ze schwätzen. An ech fannen, dat ware se allegueren.

Et ass schonn ausräichend hei gesot ginn oder rappeliert ginn, firwat d'Gesetz 2012 geännert ginn ass. Et hat deemools zwou Grondlagen. An där enger Grondlag, déi vun 2006, waren eben d'Éducatioun, d'Medien an d'Publicitéit net ausgeschloss, an an där anerer Grondlag waren eben déi Beräicher ausgeschloss. Mir haten also zwee verschidden Niveaue vu Protektioun, jee nodeem, wat d'Motiv ass, opgrond vun deem eng Persoun hei am Land kann diskriminéiert ginn.

Ech fannen, dass de Rapporteur, de Marc Angel, wéi iwwregens och de Rescht vu sengen Ausféierungen, ganz kloer doranner war. Ech soen him dofir, fir seng exzellent Presentatioun, hei Merci an ech wäert och drop verzichten, dat hei nach eng Kéier ze widderhuelen, wat hie scho ganz däitlech gesot huet.

Et hunn der och schonn eng Rei vun Iech rappeliert, wéi mer deemools an der Chamber, an ech war do och nach en Deel vun där Chamber, doriwwer geschwat hunn. Et war deemools wierklech eng ganz breet Majoritéit do, dat ware 55 vun 59 Stëmme, déi fir dee Projet de loi deemools plädéiert hunn an déi och fonnt hunn, dass déi Situatioun misst geännert ginn. An dat ass dann och ebe mat deem Gesetz vum 19. Juni 2012 - an a mengen Ae komplett zu Recht - geschitt.

Vun deem Dag u gëtt et also keng ënnerschiddlech, mä just nach eng gemeinsam juristesche Notioun fir all Affär vun Diskriminatiounen, egal wéi e Motiv se invoquéieren. An och dat Motiv, wat haut eben am Mëttelpunkt vun eisen Diskussiounen steet.

Bon, elo war eben déi Proposition vum honnablen Deputéierten Här Kartheiser do, fir dorobber zrëckzekommen, eben déi Situatioun, déi mer 2012 erbäigefouert hunn, fir déi réckgängeg ze maachen. An déi éischt Fro, déi ech mer an deem Zusammenhang gestallt hunn, dat war: Gëtt et elo iergendwelch nei Elementer an deem Dossier, déi eis missten dozou bréngen, fir dorobber zrëckzekommen? Oder och, wat ee sech och kéint froen: Sinn elo eis Gerichter iwwerheeft gi mat Prozesser, zënter dass mer déi Gesetzesännerung do gemaach hunn? Oder och: Gëtt et iergendeng aner Entwécklung, déi et elo géif rechtfertegen, dass mir als Land eis Démarche an deem doten Zusammenhang géifen a Fro stellen?

Bon, ech muss Iech éierlech soen, dass meng Antwort op déi do Froen eendeitig Neen ass, au contraire. Déi Argumenter, déi virbruecht gi sinn, déi sinn am Fond déi nämlech wéi deemools, wou mer doriwwer diskutéiert hunn. Et ass gesot ginn, dass dat Gesetz vun 2012 e massiven Agrëff an d'Pressefräiheet wier. Ech wëll effektiv hei net d'Pressefräiheet a Relatioun zu deene rezenten Evenementer huelen, well dat haut net eise Sujet ass. An ech mengen, dass eise Premier do eng Positioun fir eist Land ageholl huet, déi mir op alle Fall komplett Satisfaktioun gëtt. Mä a mengen Ae stëmmt dat ganz einfach net, well och d'Press muss d'Gläichstellung vu Fraen a vu Männer respektéieren.

Ech zitieren de Conseil d'État a sengem Avis vum 3. Juni 2014: «(...) la liberté des médias doit s'exercer dans le respect de la dignité humaine et de l'égalité entre les femmes et les hommes et ne justifie pas une dérogation au principe général de l'égalité entre les femmes et les hommes».

D'Press selwer gesäit dat iwwregens och esou. An et huet jo kee Sënn, fir hei de Contraire ze behaupten. Dozou och dräi weider kuerz Zitater.

A sengem zweeten Avis vum 17. September 2014 schreift de Conseil de Presse: «Tout d'abord, le Conseil de Presse tient à souligner qu'il adhère sans réserve aucune au principe de l'égalité de traitement entre les femmes et les hommes.» Ech widderhuelen: „sans réserve“.

Den Artikel 5 vum Code vum Presserot hält fest: «La presse s'engage à éviter et à s'opposer à toute discrimination pour des raisons de sexe, de race, de nationalité, de langue, de religion, d'idéologie, d'ethnie, de culture, de classe ou de convictions, tout en assurant le respect des droits fondamentaux de la personne humaine.»

An dann den Artikel 4 vum Code vum Werberot: «La publicité doit respecter la dignité humaine en encourageant ou en ne cautionnant aucune forme de discrimination, y compris fondée sur la race, l'origine nationale, la religion, le sexe, l'âge, le handicap ou l'orientation sexuelle.»

Dir Dammen an Dir Hären, fir mech ass dat ganz kloer. D'Pressefräiheet gëtt och an deser Regierung héichgehalten a respektéiert an et gëtt och dorunner keng Ännerung un deem Prinzip. Ech géif soen, haut nach manner wéi jee.

Eng Diskriminatioun opgrond vum Geschlecht ze toleréieren, bedeit awer och eng Verletzung

vun de Mënscherechter, an dat wëllt weder des Regierung nach d'Press, an déi Zitater, mengen ech, beleen dat hiräichend.

Et gëtt awer och nach en anert Element, wat ech hei wëll ervirsträichen. „D'Gesetz vun 2012 verschäerft och de Code pénal“, ass hei ee Virwurf, dee gemaach ginn ass. Och dat Argument, Dir Dammen an Dir Hären, ass falsch, well déi betreffend Artikelen aus dem Code pénal bezéien zanter 2006 d'Medien, d'Publicitéit an d'Éducatioun mat an. Dat heescht, dass d'Diskriminatiounen opgrond vum Geschlecht säitdeem kënne penal bestrooft ginn.

Ech zitieren hei d'Artikelen 454 a 455 aus dem Code pénal, do gëtt gesot: «Constitue une discrimination toute distinction opérée entre les personnes physiques à raison de leur origine, de leur couleur de peau, de leur sexe, de leur orientation sexuelle, de leur situation de famille, de leur âge (...)» an esou weider an esou weider, an dat gëtt och am Artikel 455 nach eng Kéier widderholl, soudass dat net richtig ass, dass hei de Code pénal verschäerft ginn ass, well dat schonn ëmmer esou dra virgesi war.

Dir gesitt also, Dir Dammen an Dir Hären, dass eis Gesetzgebung, an zwar souwuel den zivilrechtleche wéi och de strof rechtleche Volet absolutt kohärent sinn, andeem si nämlech keng Ausnahme méi zouloossen. An dat war deemools esou gewollt an dat ass och haut ënnert där neier Regierung nach ëmmer esou gewollt. Well all Motifs de discrimination sti fir eis op deem nämlechen Niveau an all Mënsch huet déiselwecht Rechter a Méiglechkeeten, sech ze wieren, egal opgrond vu wéi engem Motiv hie sech diskriminéiert fillt.

Dat ass och gutt a richtig. An des Regierung wëllt dat och esou bäibehalen. Genauso wéi des Regierung fir d'Pressefräiheet steet, ass se a mengen Aen och de weidere Garant fir d'Mënscherechter a fir d'Gläichstellung an deem Land, an dat och fir Fraen a Männer an egal wéi engem Beräich.

An ech mengen, dass ech d'éineschters op déi aner Fro, déi hei gestallt gi war, schonn ausräichend geäntwert hat. Ech hunn och fonnt, dass d'Explikatiounen, déi den Här Graas ginn huet, kloer waren. Wann awer d'Méiglechkeet besteet oder de Wonsch vun der Chamber besteet, fir hei an der Chamber nach eng Kéier iwwert dee Strategiekonzept vun der Regierung ze schwätzen, deen 100% op deem berout, wat am Regierungsaccord festgehal ginn ass, da sinn ech natierlech zu Déngschte vun der Chamber a komme gär heihinner zrëck. Mä dat ass jo net den Objet vun haut.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och der Madame Ministesch.

Ech géif dann zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert d'Proposition de loi 6586.

**Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 6586**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Déi, déi mat der Proposition de loi d'accord sinn, stëmme mat Jo, an déi, déi dergéint sinn, wéi dat gehandhabt gëtt, déi stëmme mat Neen.

D'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss. 59 Deputéierten hunn direkt oder indirekt um Vote deelgeholl. 3 Jo-Stëmme a 56 Nee-Stëmme. Domat ass d'Proposition de loi ofgelehnt. An ech brauch déi traditionell Fro net ze stellen. Merci.

*Résultat définitif après redressement: la proposition de loi 6586 est rejetée par 57 voix contre 3 voix.*

*Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marc Spautz), Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles,*





Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Justin Turpel (par M. Serge Urbany) et Serge Urbany.

An domat géife mer zum leschte Punkt vun eise Ordre du jour iwwergoen, dat ass de Projet de loi 6766. Et geet ëm d'Upassung vum Mindestloun un d'Lounentwécklung. D'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Georges Engel.

## 8. 6766 - Projet de loi modifiant l'article L.222-9 du Code du Travail

### Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel** (LSAP), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech presentéieren Iech de Rapport vun der Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale iwwert de Projet de loi 6766. Et geet ëm de Virschlag vun der Regierung, fir de soziale Mindestloun der Lounentwécklung vun de Joren 2012 an 2013 unzepassen. Dat geschitt no enger Rei vu Kritären, déi Dir a mengem Rapport konnt noliessen.

Zu de Kritären zielen och d'Population active an d'Salären. D'Methodologie huet säit dem Aféiere vun dem Statut unique geännert, an op Basis vun deene Berechnunge komme mer op eng Progressioun, déi an der Period 2012 an 2013 liicht an d'Luucht gaangen ass. An duerfir soll de Mindestloun elo réckwierkend op den 1. Januar 2015 ëm 0,1% gehuewe ginn.

Déi lescht Augmentatioun ass an der Chambersitzung den 18. Dezember 2012 gestëmmt ginn an an de Joren 2012 an 2013 ass et dräimol zu enger Augmentatioun vum soziale Mindestloun komm. Am Oktober 2012 ëm 2,5% duerch d'Indexuppassung, am Januar 2013 ëm 1,5%, wat ech virdru gesot hunn, hei duerch e Vote an der Chamber, an dann nach eng Kéier am Oktober 2013, nach eng Kéier 2,5% duerch den Index.

Den net qualifizéierte Mindestloun, deen am Joer 2000 op 1.220 Euro war, géif dann elo fir den 1. Januar 2015 vun aktuellen 1.921,03 op 1.922,96 Euro klammen, wat eng Augmentatioun vun 1,93 Euro ass. Dat mécht eng Erhéijung vum Stonneloun vun elo 11,1042 op 11,1154. Am Joer mécht dat e Plus vun 23,16 Euro aus. Sécherlech ass et keng grouss Augmentatioun.

Ech gesinn et villméi als Bäibehale vun engem ganz eminent wichtege Prinzip, nämlech der Upassung vum Loun vun deenen, déi et am néidegsten hunn, vun deenen, déi op der ënneschter Leeder vun der Lounskala stinn. Fir déi Leit spillt dës Upassung net nëmmen eng finanziell Roll, mä och eng moralesch. Si kënnen schwéierlech vum soziale Lift profitéieren, an duerfir ass et wichteg, dass mer hei en Zeeche setzen, fir dass och si net vergiess ginn an eiser Gesellschaft.

Et ass keen Automatismus, well am Code du Travail steet, dass dës Upassung le cas échéant soll geschéien, a grad dës Cas échéant, dës Fall ass elo agetratt. An duerfir ass d'Proposition vun der Regierung awer e wichtegt Zeechen, e Signal, dass och a schwieregen Zäiten, a Krisenzäiten de solidaresche Modell hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer spillt.

An et brauch ee sech nëmmen aner Länner unzekucken, wou an dësen Zäite sécherlech keng Erhéijung vum Mindestloun virgesinn ass, wou keng Neiastellunge gemaach ginn, wou souguer Leit aus dem Statsapparat entlooss ginn. An ech kann et duerfir och scho bal net méi héieren, wann een an dësem Land, wou d'Zoustänn absolut net si wéi an deene Länner ronderëm, dass dann hei vun Austeritéitspolitik geschwat gétt.

De Mindestloun an eisen Nopeschlänner ass laang net esou héich wéi bei eis. A Frankräich läit e bei 1.648, an Holland bei 1.576, an der Belsch nach 2 Euro manner, bei 1.574, an an Däitschland bei 1.470 Euro.

Natierlech sinn déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg de soziale Mindestloun kréien, net mat Zoossiss ugestréckt, an dës Erhéijung wäert och net alles retten. Natierlech hu si vill Problemer, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Dat läit virun allem dorunner, dass, wann een zu Lëtzebuerg wunnt, d'Präisser, haaptsächlech fir ze wunnen, am Verglach zum Ausland enorm héich sinn an ee groussen Deel, ee vill ze groussen Deel vum

Loun geet an dësen Deel vum Wunnen, also an d'Wunnpräisser. Am Kanton Esch wunnen déi meeschte Leit, déi de soziale Mindestloun kréien, 35,4%, an duerno kënn't de Kanton Lëtzebuerg mat 21,9%.

Déi Leit, déi de Mindestloun kréien, si ganz no derbäi, fir an d'Aarmut ofzerutschen, well d'Käschte fir ze liewen einfach ze héich sinn an ee klengen Incident de vie dësen dach fragillen Équiliber séier un d'Wackele bréngt an domadder d'Spiral fir an d'Aarmut séier lassge-tratt ass.

De soziale Mindestloun spillt natierlech haaptsächlech fir déi, déi net vun engem Kollektivvertrag kënnen profitéieren an déi also un esou Upassungen, wéi déi vun haut, ugewise sinn, fir en Ajustement vun hirem Loun ze kréien.

Ee Phenomeen dierfe mer och net aus den Ae loossen. De Phenomeen vun den „working poor“, vun deenen also, déi trotz Aarbecht, déi, trotzdeem dass se all Dag opstinn, fir schaffen ze goen a sech drunzeginn, net genuch hunn, fir hiert Liewen a gudd Konditiounen, ënner uerdentleche Bedéngunge kënnen ze liewen. Dat muss engem Suerge maachen an deene Leit muss mer entgéintkommen, fir dass d'Liewe liewenswäert fir si bleift a si net ofrutschen, mat alle Konsequenzen, déi dat fir eis Gesellschaft huet.

An ech stinn heibannen net eleng do, wann ech der Iwwerzeegung sinn, dass, wann ee 40 Stonnen eierlech a gutt schaffe geet, een och muss d'Recht hunn, uerdentlech ze liewen an net fäerte muss, beim klengsten Incident ënner d'Rieder ze kommen an d'Enner net méi beieneen ze kréien.

Dir Dammen an Hären, mir schwätzen hei vun enger grousser Zuel vu Leit. 57.747 Leit schaffen hei am Land fir de Mindestloun. Dat sinn iwwer 16%. D'Zuel vun de Mindestlounempfänger ass säit 2012 ëm 5.673 Leit an d'Luucht gaangen, a par rapport zu 2008, also viru siwe Joer, do waren et der nach 34.000, also ass et eng Progressioun vun 23.608 Leit, déi elo méi de Mindestloun kréie wéi 2008.

Dat spigelt natierlech och erëm, wat zurzäit an den Entreprises lass ass, wou d'Kris nach ëmmer spillt a wou et deemno och nach ëmmer eng defensiv Haltung gétt par rapport zu de Léin.

Ronn 26.000 Frae si Mindestlounbezéier, ronn 31.000 Männer si Mindestlounbezéier. Dat mécht, dass den Taux vun de Fraen, déi schaffe ginn an déi de Mindestloun kréien, zimmlech héich ass, well manner Fraen u sech schaffe ginn.

Frae schaffen haaptsächlech am Commerce an am Horeca-Beräich. Bei de Männer ass et haaptsächlech de Bau, de Commerce an nach eng Kéier den Horeca-Beräich.

De geschatene finanziellen Impact vun der Erhéijung mécht fir all d'Salären d'Zomm vun 1,3 Milliounen aus. D'Hausse vun de Cotisations fir de Patron mécht 340.000 Euro aus a fir de Fonds pour l'Emploi ass et eng Méiausgab vun 80.450 Euro.

Den 28. November 2014 huet d'Regierung mat de Gewerkschaften en Accord getraff, dass de Mindestloun ëm 0,1% an d'Luucht goe soll. D'Chambre des Salariés grad esou wéi och de Statsrot hu bemierkt a kritiséiert, dass et déi zweete Kéier hannereneen ass, dass bei der Upassung vum soziale Mindestloun net parallel den RMG och mat gehéicht gouf. De Statsrot bemierkt zousätzlech, dass d'Regierung déi Analys iwwer RMG, soziale Mindestloun a Chômage soll an Ugrëff huelen.

D'Chambre des Métiers opposéiert sech aus Prinzip zu all Erhéijung vum soziale Mindestloun. Den Avis vun der Chambre de Commerce, deen ass eréischt de Moien erakomm, an d'Chambre de Commerce kann dës bescheiden Erhéijung vum soziale Mindestloun approuvéieren. Ech mengen, dass dat säit laange Joren erëm eng Kéier eng Première ass!

D'Chamberskommissioun huet sech an enger Réunioun dës Projet de loi ugekuckt an huet à l'unanimité dësem Projet den Aval ginn. Ech géif Iech duerfir bieden, och hei dësem Projet de loi mat engem unanime Vote À Zoustëmmung ze ginn an domadder e kloert Zeeche fir dës solidaresche Modell ze setzen.

Ech ginn domadder den Accord vun der LSAP-Fraktioun an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Rapporteur. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Aly Kaes.

### Discussion générale

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll direkt emol dem Här Engel Merci soe fir deen detailléierte mëndlechen a schrëftleche Rapport. Hien huet déi meeschte Saache gesot, soudatt

et net méi néideg ass, dass ech op eenzel De-tailer aginn.

Wichteg ass awer ze soen, dass u sech de Mindestloun an déi regelméisseg Erhéijung vum Mindestloun e wichtegen Aspekt vun der sozialer Kohäsioun an eisem Land ass. Dat muss ee ganz kloer soen. Et ass just iwwert dës Wee, dee mer haut maachen, dee mer all zwee Joer maachen, wou mer regelméisseg de Mindestloun un d'Entwécklung, un d'Lounentwécklung upassen, dass déi do Leit eppes bäikréien, engersäits iwwert den Index an anerersäits just iwwert dës Moyer, well se jo quasi net alle-guerten ënner e Kollektivvertrag falen an u sech iwwert dee Wee näischt bäikréien.

Duerfir ass et also wichteg, och wann et - an och dat huet de Rapporteur gesot -, wann et eng minimal Upassung ass, dann ass et awer wichteg, dass se geschitt. An dann ass et awer extrem wichteg, dass mer u sech déi Prozedur net ënnerbriechen, mä dass mer an där be-kannter Regelméissegkeet weiderfueren.

Ech wëll zum Ofschloss och nach soen, dass et mengen ech, och fir eis Wirtschaft, all Kéiers dann, wa mer de Mindestloun erhéijen, géif ech emol behaapten, dass déi Sue virun allem eiser Wirtschaft...

### (Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift, fir de Moment huet just den Här Aly Kaes d'Wuert!

► **M. Aly Kaes** (CSV).- ...zeguttkommen, well déi do Leit net onbedéngt déi sinn, déi den Haaptdeel vun hirem Akommes ausginn, fir Va-kanzen ze maachen!

Mä leider hu se déi Moyer net a mussen u sech fir den dagdeeglechen, bon, fir hiert dagdeeglecht Liewen déi Suen ausginn. Et ass schonn de Loyer genannt ginn, mä och all déi aner Elementer vum dagdeegleche Liewen, déi ginn domadder ofgedeckt. An ech mengen, da bleiwen net méi allze vill Suen, fir net ze soen, keng Sue méi iwwreg.

Dat heescht, all Euro, deen déi Leit kréien, kënn't der Lëtzeburgerer Economie zegutt. An duerfir kann ech dat nëmmen ënnerstëtzen, wat den Här Engel sot, dass u sech fir déi do Leit, dass mer ëmmer erëm, dass et wichteg ass, no deenen dote Leit ze kucken, well déi brauchen d'Suen am néidegsten!

An deem Sënn wëll ech dann och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn. Ech soe Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Kaes. Nächst Riedner ass den Här Gibéryen. Et ass un Iech.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll och dem Kolleeg Georges Engel Merci soe fir säi Rapport, deen hien hei gemaach huet, fir mengen ech, déi klengsten Upassung vum soziale Mindestloun virzehuelen an der Geschicht vum soziale Mindestloun.

D'Regierung huet an engem Dokument vun iwwer 30 Säiten d'Evolutioun an d'Berechnung vum soziale Mindestloun festgehalen a konnt dann, opgrond vun deene Berechnungen, déi am Gesetz virgesi sinn, de Mindestloun op den 1. Januar 2015 ëm 0,1% héijen. Selbstverständlech net, dass déi Leit elo mengen, se kéinten direkt vill Geld ausginn, wëll ech hei betounen, dass dat brutto ass an net netto, wat se do bäigesat kréien.

Wat seet dee Chiffer vun 0,1% eis? Ma e seet eis an enger éischer Stell, dass d'Lounentwécklung an deene leschten zwee Joer och minimal hei am Land war. Et war also quasi keng Loun-augmentatioun mat 0,1%. A wann een dann awer weess, dass awer an deem engen oder anere Kollektivvertrag Lounaugmentatioune waren, da sinn op där anerer Säit d'Léin dann och zrëckgaang!

Ech mengen, dass muss een also emol festhalen, well jo och verschiddelech gesot gétt, d'Lounaugmentatiounen hei zu Lëtzebuerg, déi hätten eng terribel grouss Progressioun. Ech mengen, hei ass eng Berechnung gemaach ginn, déi am Fong festhält, dass mer an deenen zwee Joer 2012 an 2013 keng Lounaugmentatiounen hei zu Lëtzebuerg haten.

0,1%, wéi gesot, dass ass déi klengsten Augmentatioun, déi mer jeemools haten. An et hu Virriedner elo hei geschwat vun engem staarken Zeechen, vun enger moralescher Ennerstëtzung an Unerkennung, déi déi 0,1% do hunn. Mä ech mengen, wa mer et e bësse méi global kucken a mer gesinn, dass déi Leit dann, déi de Mindestloun hunn, 1,93 Euro brutto de Mount bäikréien - 1,93 Euro brutto! -, an déi vum qualifizéierte Mindestloun kréien 2,33 Euro de Mount bäi.

Déiselwecht Leit mussen awer vum 1. Januar un och méi TVA bezuelen, vun den 3% bleiwen déi 2%, méi TVA bezuelen. Se mussen och...

een Deel vum Mindestloun mussen se déi 0,5% Steier bezuelen an och déi Steier, déi se kréien...

### (Interruption)

Dach, si mussen och een Deel bezuelen. En ass net ganz fräi, de Mindestloun.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Neen, neen!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ass e ganz fräi oder dräi Véirels?

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- En ass ganz fräi.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ass e ganz fräi? Dann zéien ech dat zrëck. Dann hunn ech dat net gesot. Also ech war der Meenung elo, et wieren dräi Véirels vum Mindestloun, wat fräi wier.

### (Interruptions diverses)

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Macht eis net méi schlecht wéi mer sinn!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jo, dass ass zwar schwéier, fir Iech nach méi schlecht ze maachen, Madame Loschetter, wéi Der sidd. Also dat bréngen ech emol net méi fäerdeg. Dat maacht Dir esou exemplaresch selwer, dass ech do souguer machtlos heiansdo sinn, fir Iech nach méi schlecht ze maachen, wéi Der sidd. Do muss een Iech drëm beneiden. Et huet selten een dat esou séier fäerdegbruecht, wéi d'Gambia dat fäerdegbruecht huet!

### (Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Adresséiert Iech och elo erëm direkt un d'Chamber, Här Gibéryen!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Här President, Dir hutt vollkommene recht. Et huet, Här President, nach ni eng Regierung esou séier et fäerdegbruecht, fir sech esou schlecht dohin-nerzustellen, wéi d'Gambia dat gemaach huet. Ech wollt, Här President, der Chamber dat ausdrécklech nach eng Kéier soen.

### (Brouhaha)

Et ass elo ze hoffen, dass d'Leit mat där Augmentatioun vun deenen zwee Euro net och nach an eng aner Grupp vun de Steiere falen, Här President, well da misste se och nach méi Steiere bezuelen. Dat kéint och nach de Fall sinn.

A wat een awer och nach feststellt, dass ass, dass d'Zuel vun de Mindestlounbezéier enorm an de leschte Joren, de Kolleeg Engel huet dat hei genannt, enorm an d'Luucht geklommen ass, dass mer haut bei quasi 57.000 Leit ukomm sinn, déi mussen mat dem Mindestloun hei zu Lëtzebuerg liewen.

Wann Der haut, Här President, d'„Tageblatt“ gelies hutt, dat huet op der Säit 2 eng relativ interessant Publikatioun gemaach, wou et am Fong seet, dass d'Verméige vun deenen 80 rächste Mënschen op der Welt sech tëscht 2009 an 2014, dass heescht also a fënnf Joer huet deenen hiert Verméige sech verduebelt. Verduebelt a fënnf Joer vun deenen 80 rächste Leit vun der Welt!

An 80% vun der Mënschheet hu 5,5% vum Wuelstand vun der Welt. An 2010 huet et nach 388 Milliardäre gebraucht, fir de Wuelstand vun 80% ze representéieren. An déi hunn haut esou vill Räichtum, esou vill Geld, dass am Fong 80 Milliardären haut duerginn, fir de Räichtum duerstellen, deen 80% vun der Mënschheet zesummen als Räichtum hunn!

An dat sinn am Fong déi Chifferen, déi eis global mussen ze denke ginn. Dass mer amgaang sinn, eng Entwécklung ze maachen, wou mer eng Zwouklassegesellschaft schafen a wou ëmmer méi eng kleng Zuel vu Mënschen op der Welt vill méi räich gëtt an d'Mass vun de Leit gétt ëmmer méi aarm!

A mir mussen dat och hei zu Lëtzebuerg gesinn. Well wann d'Zuel vun de Mindestlounbezéier sech quasi an de leschten zéng Joer verduebelt huet a mer haut op 57.000 sinn, wat ongeféier 16% vun de Leit, déi schaffe ginn, ausmécht, déi hei zu Lëtzebuerg de Mindestloun oder ëm de Mindestloun verdéngen, da mussen mer eis doriwwer eng Fro stellen.

Well gläichzäiteg hu mer festgestallt an deene leschte Joren, dass d'Zuel vun deene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg ënnert d'Aarmutsgrenz falen, dass déi vun 10, 11, 12, 13, 14 op elo 15% eropgaangen ass. Mir hunn also praktesch esou vill Leit hei am Land, déi de Mindestloun verdéngen, wéi mer och gläichzäiteg Leit hei am Land hunn, déi ënnert d'Aarmutsgrenz falen.

An duerfir ass et dach awer schonn e bësse gelungen - fir mech net anescht auszedrécken -, wa mer hei elo dat als eng grouss Errun-